

LËTZEBUERGER SPROOCH A KULTUR

Titulaire(s) du cours : BLEY Claudine, BRECKLER Christine
Classes et horaires : 1^{ère}/2^e – vendredi de 12h35 à 14h20
1^{ère}/2^e – mercredi de 14h25 à 16h10

Finalités et objectifs de l'option :

Wollts du schonns ëmmer wëssen, wéi ee korrekt op Lëtzebuergesch schreift? Wëlls du dech besser op Lëtzebuergesch ausdrécke kënnen, sief et a verschiddene schrëftleche Beräicher oder beim Schwätzen? Hues du Interessi dorun, méi iwwert däin Heemechtsland, seng Geschicht a seng Kultur gewuer ze ginn?

An der méisproocheger a multikultureller Gesellschaft huet déi lëtzebuergesch Sprooch e ganz besonnesche Stelleväert: Si ass Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch zugläich. Dofir gëtt et an eiser haiteger Zäit ëmmer méi wichteg, sech mat Lëtzebuerg a senger Sprooch auserneenzesetzen.

Programme :

Op Basis vun enger Aféierung an d'Lëtzebuergesch Sprooch an an d'Orthographie kriss du kulturell Inhalter vermëttelt, wéi d'Lëtzebuergesch Geschicht, d'Literatur, den Theater, d'Mediegeschicht mat Film, Radio a Kino, Lidder, d'Diktioun an nach viles méi.

Public cible :

Bass du elo virwëtze ginn? Ma da komm einfach an d'Optioun „Lëtzebuergesch Sprooch a Kultur“ ! All Schülerin a Schüler vun all Sektioon ass wëllkomm.

Méthodologie, déroulement :

Du léiers d'Schreifweis kennen, andeem du dech mat kulturellen Aspekter beschäftegs. Donieft gëtt de Cours opgelackert duerch Auteursliesungen souwéi duerch Musées- oder Theatervisiten.

